ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/05/2023

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

03/2023 – date: 26/04/2023

Presenzen

Present	Net present
CINCIS Patrick	MICHELS Claudine (excusée)
EICHER-KARIER Christiane	
GRAFF Yolande	
KIEFER Raoul	
KOEPP Carlo	
LESCH Laure	
LUX-PEPIN Mariette	
MOREIRA CARDOSO Miguel	
NOESEN Henri	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Approbatioun vum Rapport 02/2023
2. Preparatioun Ausstellung
3. Soirée Cinéma
4. Divers
5. Nächst Versammlung

Punkt 1: Approbatioun vum Rapport 01/2023

- Kulturkommissioun **approuvéiert** de Rapport **02/2023**
- De Rapport kann um Site vun der Gemeng veröffentlecht ginn

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/05/2023

Punkt 2: Ausstellung „Konscht um Bill“

- Christiane huet d‘Kënschtler schonns um Bill begréisst an huet mat der Direktesch alles duerchdiskutéiert
    - Allgemeng ee ganz positiven Retour
    - Lëscht mat den Kënschtler an Exponaten stellt Christiane op, esoubal d‘Léit confirméiert hunn
    - Op dem Flyer „Grill um Bill“ gëtt „Konscht um Bill“ mat dropgesat, mat den Nimm vun den Artisten —> gëtt vum MS Day-Center Bill opgestallt
- D‘Ausstellung „Konscht um Bill“ ass ee groussen Succès an et hu sech 16 Léit aus der Gemeng gemellt di wëllen ausstellen. Dat bréngt mat sech, dat mir mussen eng Auswahl vun der Unzuel vun den Exponate maachen
    - Ongeféier 40m Schinne fir Tableauen opzehänken
    - 80m2 Panneauen fir Biller opzehänken -> Gemeng richt déi op
    - Brauchen nach 2-3 Dëscher fir Skulpturen

      —> Surface / Artiste = 4-5m2 (Christiane huet ee Plang, deen mat den Responsabelen vum Bill ausgeschafft ginn ass)
- Auswiel vun den Ausstellungsstécker:
    - Prioritéit leit bei de Léit aus der Gemeng – mir excuséieren ons bei den Kënschtler vun deenen anere Gemengen dat keng Plaz méi fir auszestellen ass
    - All Kënschtler ka bis zu +/- 4 Exponaten ausstellen – mir moossen dat nach genee aus
    - Kënschtler dierfen hier Wierker verkafen – Si mussen awer sëlwer hier Präisser affichéieren respektiv eng Präislëscht erstellen
- Material wat mir fir d‘Ausstellung brauchen:
    - Panneauen -> Gemengen
    - Dëscher fir Skulpturen -> huet de Bill déi?
- Gedrénks bestellen -> MS Day Center bestellt alles
- Vernissage Freides, den 16.06.2023 um 19h00 -> just fir d‘Kënschtler mat Famill, Gemeng a Kommissioun
- Comptoire gëtt Samschdes vun der Kommissioun gemaach
- Christiane kontaktéiert d‘Kënschtler a si musse bis nächste Mëttwoch 03.05 hir Präsens confirméieren
- **RdV** fir d’Memberen vun der Kulturkommissioun fir Opzeriichten:
    - Donneschdes, den 15.06 um **16h00 um Bill**
    - Present: Mariette / Laure / Christiane / Miguel / (Diane ab 17h00)
    - Gemengenaarbechter gi gefrot fir d‘Panneauen opzeriichten
    - D‘Memberen vum MS Day-Center hëllefen Donneschdes z‘amménagéieren

Helperknapp, 02/05/2023

- Aktuell ass keng Aktivitéit fir Samschdes virgesinn – Musek Helperknapp ass schonns iergendzwousch anescht engagéiert
    - Falls een eng Iddie huet, wat d'Léit ënnerhale kéint, soll en sech mellen
- **Wëllkommsriet:** Christiane
- **Presenzlëscht wärend deenen 3 Deeg:**
    - **Freides, 16.06.2023 vun 18h30 – 21h30:** Diane / Carlo / Laure / Christiane / Raoul
    - **Samschdes, 17.06.2023 vun 15h00 bis 18h30:** Christiane / Raoul? / Carlo / Diane / Heng / Patrick
    - **Sonndes, 18.06.2023 vun 11h00 bis 18h00:** Carlo(11:00 – 14:00) / Raoul / Christiane (14:00 – 18:00) / Laure (12:00 – 15:00)
- **Excusë**: MICHELS Claudine
- **Sollt nach iergendeppes Spezielles sinn, da gëtt kuerzfristeg d'Kommissioun nach eemol ageruff**

Punkt 3: Soirée Cinéma

- D'Jugendkommissioun huet am Juni den OpenAir
- 3. Alter-Kommissioun geet mam 3ten Alter an den Kinoler

  —> mir als Kulturkommissioun maachen dann keng esou eng Aktivitéit méi

Punkt 4: Divers

- No de Walen ginn vun deenen néi Gewielten decidéiert wei d'Konstellatioun vun deenen neien Kommissioune sollte sinn
- D'Kommissiounen ginn automatesch opgeléist, esoubal deen neien Gemengerot steet

Punkt 5: nächst Versammlung

- **Ordre du jour:**
    - Approbatioun vum Rapport 03/2023
    - Réckbléck „Konscht um Bill"
    - Ofschloss vun der aktueller Kulturkommissioun
- Mir treffen ons déi nächste Kéier de **Mëttwoch, den 5te Juli 2023 um 19h00 an der Bricherstuff**

Mir bieden all Member sech spéitstens eng Stonn virun der Versammlung ofzemellen w.e.g. an dëst op d'Mailadress vun der Kulturkommissioun, fir dat all Mënsch Bescheed weess. Villmools Merci.